



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Mee 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.


No de Kommunikatioune vum Schoulministère schéngt et aktuell esou ze sinn, datt en Accueil fir d'Kanner, vu siwen Auer moies un, an de Schoule garantéiert gëtt. Zu deem Abléck sinn d'Kanner nach vermëscht, ier se a verschidde Gruppen opgedeelt ginn.

Dowéinst wollt ech den Här Schoulminister folgendes froen:

1. Wéi e Sënn mécht et d'Kanner méi spéit opzedeelelen oder d'Pausen ze decaléieren, wann den Accueil fir all déi Gruppen zesumme gemaach gëtt an d'Kanner jo dann a Kontakt matenee sinn?
2. Wéi eng eventuell Mesuren gi geholl, fir deen Accueil sou ze organiséieren datt eng Vermëschtung vun de Gruppe manner warscheinlech ass?
3. Mussen d'Leit aus organisatiounstechesche Grënn hir Kanner fir den Accueil umellen?
4. Wéi vill Leit si pro Schoul/ Unzuel vu Kanner virgesinn fir d'Surveillance?
5. Wéi ginn déi Leit déi den Accueil maachen dofir remuneréiert? Gëllen déi Aktivitéiten als Iwwerstonnen?
6. Op ville Plaze goufe nei Leit rekrutéiert, z.B. Studenten, déi zum Deel d'Kanner guer net kennen, an och a priori net wëssen, wéi d'Gruppen zesumme gehéieren. Wéi ginn si op hir nei Aufgabe virbereet ?
7. Wat ass geplangt, fir datt bei enger Intemperie d'Kanner beim Accueil net dobaussen am Haff bleiwen? Wéi gëtt a sou engem Fall probéiert d'Kanner auserneen ze halen?

8. Verschidde "Maisons Relais" a "Foyers Scolaires", wou d'Kanner aus dem "Übungsgrupp" sinn, hu just kleng Häff, wou eng Verdeelung vu ville Kanner nach méi schwierig gëtt. Wéi ginn op esou Plazen den Accueil an d'Pausen organiséiert?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten